DANIELLE BASTIAN ÉP. JUCHEM

CHRISTINE SCHWEICH ÉP. DAVID

ANNE MATHEKO-WITSCH

ANNE BECKER

SILVIA BRESCIA ÉP. PICARIELLO

RENÉ PIZZAFERRI

JOHN VAN RIJSWIJCK

OLIVIER BOHLER

CARLO GAGGIOLI

DANY HARDT ÉP. KERSCH

ANNE MERTENS

CHÉRYL MARX ÉP. THEIS

MAURICE SCHWARZ

LSAP

Gemeng **Monnerech**

EISE PROGRAMM

FIR MONNERECH

11. JUNI
LËSCHT
1

Et ass Zäit fir eng staark sozial Gemeng

#ZESUMMEN mat Häerz an Engagement

1. Anne BECKER
2. Dany HARDT ép. KERSCH
3. Carlo GAGGIOLI
4. Danielle BASTIAN ép. JUCHEM
5. John VAN RIJSWIJCK
6. Anne MERTENS
7. René PIZZAFERRI
8. Christine SCHWEICH ép. DAVID
9. Maurice SCHWARZ
10. Anne MATHEKOWITSCH
11. Olivier BOHLER
12. Silvia BRESCIA ép. PICARIELLO
13. Chéryl MARX ép. THEIS

Monnerech

Féiz

Steebrécken

Biergem

ENG POLITIK FIR D'LEIT, MAT DE LEIT!

Léif Bierger an Biergerinnen,

Mir all wunnen an eiser schéiner Gemeng Monnerech, mir engagéieren eis an eise 4 Dierfer, **Monnerech, Biergem, Steebrécken a Féiz** a sinn aktiv – kulturell, sozial, sportlech, éierenamtlech – eis Kanner ginn an der Gemeng an d'Schoul, mir ginn an der Gemeng akafen, anerer schaffen och do. Jonk an Al sollen an eiser Gemeng hir Plaz hunn a sech wuel fillen. An der Gemeng spiert een de Bols vun de Leit, et ass ee bei hinnen, et lauschtert een hinnen no a geet op se an.

Duerfir ass et wichteg, dass d'Gemeng am Déngscht vun der Allgemengheet gutt fonctionéiert.

Der LSAP hier Wäerter si fundamental fir e gutt #Zesummeliewen an eiser Gemeng:

Solidaritéit • Gerechtegkeet
Nohaltegkeet • Fortschrëtt
& Sécherheet.

Grad um kommunale Plang weist sech wéi wichteg de Mateneen ass. Duerfir brauche mir sozial Gemengen an deenen d'Zesummeliewe gefërdert gëtt.
Dëst #Zesummeliewen ass awer nëmmen méiglech, wa jidder Bierger ka matschwätzen an an d'Entscheedunge mat agebonne gëtt, ënner anerem duerch Biergerinformatiouns- a Biergerdiskussiounsronnen.
Fir eis Demokratie ze stäerken, ass jidderee gefuerdert a jidderee muss bei der Gestaltung vun der Gemeng kënne mathëllefen. Dofir brauche mir eng staark LSAP an eiser Gemeng.

Wann Dir also der Meenung sidd, dass d'LSAP Monnerech erëm soll en Matbestëmmungsrecht kréien an eiser Gemeng, dann sollt Dir dat den 11. Juni 2023 däitlech op Ärem Walziedel weisen. Keng Stëmm soll verluer goen, dofir all 13 Stëmme fir d'LSAP, oder de Krees vun der Lëscht schwäerzen.

Christine Schweich

Spëtzekandidatin
Präsidentin LSAP Monnerech
Gemengeconseiller

D'HAAPTPUNKTEN FIR EIS GEMENG

Di séllegen Zoustännegkeetsberäicher vun der Gemeng hunn en direkten Afloss op d'Liewe vun eis Awunner:

- ***de Verkéier an d'Mobilitéit;***
- ***d'Kanner an d'Jugend;***
- ***d'Ëmweltpolitik (Waasser, Energie, Offall, Kaméidi, Hëtzt, ...);***
- ***d'Entwécklung vun de lokale Commercen an de Finanzen;***
- ***d'Kultur, de Sport, d'Musek an d'Fräizäit;***
- ***de Wunnengsbau an de Bebauungsplang vun der Gemeng;***
- ***dat Soziaalt, d'Integratioun;***
- ***an d'Digitaliséierung an d'Gemengenservicer.***

All dës Beräicher fuerdere staark autonom Gemengen, déi Verantwortung iwwerhuelen an dat alldeeglecht Liewe vun de Leit begleeden an ëmmer nees verbesseren. Dofir ass et wichteg, wien an de Gemengen d'Akzenter richteg setzt an d'Soen huet.

Et ass eis wichteg an enger Gemeng ze wunnen an ze liewen, wou et gesond Finanzen gëtt, fir dass eis Liewensqualitéit erhale bleift a sech nach verbessert.

D'Sécherheet vun allen Verkéiersbedeelegten läit eis um Häerz.

VERKÉIER A MOBILITÉIT

D'Gemeng Monnerech ass, grad esou wéi eis Nopeschgemeng Reckeng, eng vun zwou eenzege Gemengen am Süden déi net un d'Schinnenetz gebonnen ass.

Dofir wäerten mir eis asëtzen, fir:

- *eng **Vernetzung vun Trëppel- an / oder Vëlosweeër** tëscht de 4 Dierfer vun eiser Gemeng an de Nopeschgemengen;*
- *den **Pedi-Bus fir an eis Schoulen** a Maison Relais'en (mat sécherem „Schoulwee");*
- ***Verbesserung vum Schoultransport** an dem Transport vun der Maison Relais (och den Transport an d'Lycéeën oder Beruffsschoulen);*
- *eng **Tramhaltestell** zu Féiz AN zu Steebrécken ;*
- ***d'Digital-Affichage** op de Busarrêten an e Bushaische fir all Busarrêt;*
- *eng **iwwersichtlech Beschëlderung** duerch eis ganz Gemeng (z.Bsp.: ëffentlech Gebaier, Vëlos- an Trëppelweeër, ...);*
- *d'Astandsetzen an de Réaménagement vun eisem Stroossennetz, **wou déi douce Mobilitéit** berécksiichtegt gëtt;*
- *eng regional Koordinatioun vun de Chantieren mat deenen anere Gemengen an der Ponts et Chaussées fir **Verkéierschaos beschtméiglechst ze vermeiden**;*
- *eng **reglementéiert Parkingssituatioun** an der ganzer Gemeng (z.Bsp.: Parkleitsystem);*
- ***verkéiersberouegend Moossnamen** (z.Bsp.: 30er Zonen ausbauen, sécher Foussgänger-weeër (Iwwergäng), den Duerchgangsverkéier beschtméiglech ze limitéieren ...);*
- *eng **Verbesserung vum ëffentlechen Transport** (z.Bsp.: Navette fir op di noost Gare, Connectiounen tëscht Bus an Zuch besser openeen ofstëmmen;...)*
- *anstänneg **Vëlosparkplazen** bei de Schoulen, Geschäfter an ëffentleche Gebaier ze installéieren (z.Bsp.: Vëlos- an Trottinettenstänneren, iwwerdaachte Vëlosboxen,...);*
- *eng Verbesserung vum **Late Night Bus**;*
- *Formatioune fir all Zort vu Verkéiersmëttel an Zesummenaarbecht mam Automobil Club Lëtzebuerg (ACL) op der Kartingspiste;*
- *Schafe vun **engem Verkéiersgaart**.*

ET ASS ZÄIT FIR ENG BESSER MOBILITÉIT AN EISER GEMENG.

KANNER A JUGEND

Mir wäerte weider dofir suergen, dass d'Qualitéit vun eiser Schoul a Maison Relais erhale bleift.

D'LSAP steet fir eng staark ëffentlech Schoul, déi d'Kanner, hiert Léieren an hir physesch a mental Gesondheet an de Mëttelpunkt stellt an alle Schüler déi selwecht Méiglechkeeten a Chancë bitt.

D'LSAP fuerdert folgend Mesuren:

- ***Schoulen, Maison Relais an Crèchen ausbauen*** *(Biergem, Steebrécken a Monnerech);*
- ***nei Forme vu Schoulraum*** *schafen (z.Bsp.: Ganzdagsschoul, Schoul Witry, Bëschschoul, Bëschcrèche, etc.);*
- *Kooperatioun tëscht Maison Relais an de* ***Veräiner stäerken*** *(z.Bsp.: fir d'Kanner op den Training oder an d'Musek ze bréngen);*
- ***Pedi-Bus*** *an e séchere Schoulwee aféieren (Formatioune fir jiddereen);*
- ***Vëlo- a Trottinettenparkplaaze*** *bei de Schoulen an Spillplazen;*
- ***méi Sécherheet*** *bei de Schoule garantéieren (z.Bsp.: Kiss&Go Parking, Busquaien, ...);*
- ***Gesond Ernierung*** *an der Schoul an an der Maison Relais förderen;*
- ***Ëmweltbewosst Erzéiung*** *(z.Bsp.: Offalltrennung; Recycling; Energiespueren; ...);*
- *d'Kanner aktiv un déi* ***nei Technologien*** *an d'Welt vu muer eruféieren an iwwert d'Geforen informéieren;*
- *de* ***JUMO*** *(Jugendhaus Monnerech asbl) opwäerten an ausbauen;*
- *all* ***d'Spillplazen opwäerten*** *(z.Bsp.: Schiedhaisercher, Bänken, Dreckskëschten, Waasserspillplazen, etc.);*
- *Kanner- / Jugendgemengerot op d'Bee setzen;*
- *de* ***MUMO*** *(Multisport Monnerech) ausbauen an de KUMO (Kultur Monnerech) schafen.*

ET ASS ZÄIT FIR MÉI CHANCËGERECHTEGKEET FIR EIS KANNER!

NATUR, ËMWELT A KLIMA

D'Gemeng Monnerech ass eng ländlech Gemeng an dësen Charakter wëllen mir bäibehalen.

Mat der LSAP, wäerte mer eis fir dës Mesure staark maachen:

- ***Erneierbar Energien*** *gewannen (z.Bsp.: an Zesummenaarbecht mam Minettkompost, mam Solarpark um Crassier, ...);*
- *Maximal* ***Entsigelen*** *vu Buedemflächen;*
- *« Killinselen » an eisen Dierfer schafen duerch* ***d'Begringung vun den ëffentleche Plazen*** *an d'Schafe vu méi Gréngflächen;*
- *eenheemesch* ***Beplanze vu Gréngflächen****;*
- *d'Verkéiersbelaaschtung an den Dierfer staark reduzéieren an* ***alternativ Mobilitéit förderen****;*
- *d'Loftverschmotzung moossen an uweisen;*
- ***d'Energieproduktioun vu privaten Haushälter*** *an Energiespuermesuren ënnerstëtzen;*
- ***Zentralnetzer an Heizungsanlagen*** *fir nei Wunnquartieren envisagéieren;*
- *e «* ***Repair Café*** *» ariichten (wou Saachen a Maschinnen erëm gefléckt ginn);*
- *begréngte Bushaisercher opstellen;*
- ***méi Recycling förderen*** *(z.Bsp. : Poubellen am ëffentleche Raum upassen);*
- *Sensibiliséierung vun de Veräiner fir* ***d' Ëmsetze vu Klima- an Ënweltcharta****;*
- *nei a méi* ***Muppentoiletten*** *ariichten;*
- ***VALORLUX*** *– Tute Verdeelerpunkten an all eisen Dierfer opstellen.*

ET ASS ZÄIT FIR ENG ËMWELTFRËNDLECH LOKALPOLITIK!

LOKALE COMMERCE A FINANZEN

D'ËFFENTLECH GELDER MUSSEN ALL DE BIERGER ZEGUTT KOMMEN!

D'LSAP steet fir:

- *nohalteg Investissementer **fir d'Zukunft**;*
- *e **verantwortlechen Ëmgang** mat den ëffentleche Suen;*
- *de Patrimoine vun der Gemeng erweideren;*
- *Subsiden vun den Ministèren an Verwaltungen ufroen an andreiwen;*
- ***Subsiden schafen** an bestoend Subsiden opwäerten (Energiemoossnamen, Sportler, Studenten, Veräiner; emwëltfrëndlech Aktivitéiten, ...);*
- *e **Budget participativ fir d'Bierger** (Bierger aktiv an d'Gestaltung vun der Gemeng abannen, sou soll een kënne säi Projet erareechen, z.Bsp. : Neigestaltung vun enger Spillplaz, Uleeë vun Trëppelpied, Uleeë vun enger Blummewiss fir selwer ze plécken etc.);*
- *e « Screening » vun de Gemengen-Depensen maachen (z.Bsp. : fir **Spuerpotenzial ze identifizéieren**) ;*
- ***d'Sécherheet an eiser Gemeng** an alle Beräicher;*
- *de **lokale Commerce** förderen an ënnerstëtzen.*

ET ASS ZÄIT FIR D'FINANZEN TRANSPARENT ZE MAACHEN!

D'Veräiner si wichteg fir de sozialen Zesummenhalt an eiser Gemeng!

KULTUR, SPORT, MUSEK A FRÄIZÄIT

VERÄINSLIEWEN AKTIV FËRDEREN AN ËNNERSTËTZEN! FIR DEN ERHALT VUN EISER LIEWENSQUALITÉIT AN EISER GEMENG!

D'LSAP sëtzt sech dofir an, dass:

- *d'Veräiner eng administrativ* ***Hëllef*** *kréien;*
- *en* ***Sall, Lokal oder Depot fir d'Veräiner*** *zur Dispositioun steet;*
- *de Bouschéissveräin en neien Terrain kritt;*
- ***zousätzlech Vestiäire*** *fir den FC Monnerech geschafe ginn;*
- *d'Sportshalen zu Steebrécken an zu Monnerech* ***op den neiste Stand*** *bruecht ginn, Competitioune kënnen ofgehale ginn (eventuell en ganze Sportskomplex realiseieren);*
- ***nei Uniforme*** *fir eis Harmonie municipale vu Monnerech;*
- *den* ***aktuelle Site vun de Scouten*** *de spezifesche Besoinen ugepasst gëtt;*
- *e* ***Kulturprogramm*** *mat Agenda opgestallt gëtt (fir all d'Generatiounen);*
- ***lokal a regional Kënschtler*** *bei Gemengeneventer agebonnen ginn;*
- ***Bicherschief*** *an allen Dierfer opgestallt ginn;*
- *d'Pumptrack zu Monnerech de* ***Sécherheetsmoossnamen upassen*** *an a Stand setzen;*
- ***d'Sportsinfrastrukture*** *ronderëm d'Fussballterrainen uewen an der „rue de Limpach" erweideren (z.Bsp.: Schëffsmodellclub, aner Sportsaktivitéite wéi Skatepark, ...);*
- *an de Uertschaften en* ***Duerfkär*** *réaliséiert gëtt;*
- *déi lokal* ***Kiermessen*** *opgewäert ginn;*
- *de* ***Benevolat*** *gefërdert gëtt;*
- ***Traditiouns-Eventer an nei Eventer*** *organiséiert ginn (Monnerecher Laf, Journée de rencontre, Mettendall-Trail, Marche gourmande, lokalen Dag vum Buch an Zesummenaarbecht mat Schrëftsteller resp. Geschichtenerzieler, ...);*
- ***Véloswäschstatiounen*** *installéiert ginn.*

ET ASS ZÄIT EIS DIERFER MÉI LIEWEG ZE MAACHEN!

WUNNENGSBAU AN BEBAUUNGSPLANG

BEZUELBARE WUNNRAUM, FIR JIDDEREEN!

D'LSAP sëtzt sech an, fir:

- ***bezuelbare Wunnraum*** *ze schafe fir Monnerecher Bierger;*
- *d'Bauprojeten « Kummerhéicht » & « op Treisch » zu Monnerech an « Wäissereech » zu Steebrécken weiderzedreiwen, an dëst* ***mat bezuelbarem Wunnraum****;*
- *an der Lampecherstrooss (Fussballterrain)* ***weidere Wunnraum*** *ze schafen*
- *privat an ëffentlech* ***Bauprojeten ze ënnerstëtzen****;*
- *eng Vergréisserung vun eise* ***Seniorewunnengen*** *« A BOSSELECH » ze realiséieren;*
- *e Projet fir* ***betreit Wunnen an / oder en Altersheem*** *an Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschgemengen ëmzesetzen;*
- *den* ***PAG*** *(plan d'aménagement général) an d'Bautereglement konstant ze verbesseren;*
- *en* ***biergerfrëndleche Service*** *an en Hëllefszenter fir Baugeneemegungen a raisonnabelen Delaien ze erméiglechen;*
- *online Demarche fir Baugeneemegungen ze vereinfachen;*
- *Immobilie fir de* ***lokale Commerce*** *erschwénglech ze halen;*
- ***alternativ Wunn- a Bauformen*** *ze ënnerstëtzen (z.Bsp. : WG'en, Méigenerationshaiser, Baucoopératiwen, Tiny Houses).*

SOZIALES AN INTEGRATIOUN

D'GEMENG AM DÉNGSCHT VUN DE LEIT, D'LIEWENSQUALITÉIT PERMANENT VERBESSEREN AN DE BIERGER NOLAUSCHTEREN!

D' LSAP sëtzt sech an, fir:

- *deene Jonken Hëllef unzebidde bei der* ***Aarbechts- oder Wunnengssich*** *(z.Bsp.: an Zesummenaarbecht mam JUMO an dem Service Logement vun der Gemeng);*
- ***d'Proximitéitsmedezin ze förderen****;*
- ***Generatiounsiwwergräifend Projeten*** *an Zesummenaarbecht mat der GIM asbl;*
- ***Biergerdëscher*** *ze organiséieren (z.Bsp. e "Staminee");*
- ***d'Inclusioun*** *an eiser Gemeng an alle Beräicher;*
- *den* ***Zesummenhalt an der Noperschaft*** *ze ënnerstëtzen;*
- *d'Gemeng* ***accessibel fir all d'Bierger*** *ze maachen (Rollstullgerecht, einfach Sprooch a méi Sproochen um Internet, ...);*
- *d'Erhale vum* ***POST- a Bankguicheten*** *an der Gemeng ;*
- *dass de* ***CIGL*** *(Centre d'Initiative et de Gestion locale) adaptéiert Gebailechkeete kritt;*
- *eisen* ***Office social*** *nees opzewäerten;*
- *en biergerfrëndleche Service fir* ***juristesche Bäistand****;*
- ***Biergerinformatiouns*** *–* *a* ***Biergerdiskussiounsronnen*** *ze organiséieren.*

ZESUMMEN LIEWEN!

ET ASS ZÄIT FIR ENG STAARK SOZIAL DEMOKRATIE!

DIGITALISATIOUN A GEMENGESERVICER

DIGITALISATIOUN, E RECHT FIR JIDDEREEN

Mat der LSAP, gëtt et sou séier wéi méiglech:

- *performant* ***online Gemengeservicer****;*
- *eng* ***„Paperless“- Gemeng*** *(z.Bsp.: digital Archiven, elektronesch Ënnerschréft, …)*
- *Schoule mat* ***modernster Technologie****;*
- ***Spriechstonne*** *fir d'Bierger mam Buergermeeschter an / oder Schäfferot ;*
- ***biergerfrëndlech Ëffnungszäiten*** *vun der Gemeng;*
- *séieren Internet fir all eis Bierger mat* ***Erweiderung vun dem Glasfasernetz*** *an eventuellen Alternativen;*
- *en* ***Internetsite*** *fir jiddereen (z.Bsp. : a méi Sproochen, “einfache Sprache”;…);*
- ***digital Anzeige*** *fir d'Manifestatioune vun der Gemeng an eisen Uertschaften;*
- *méi* ***digital Raideren*** *an den Dierfer;*
- *en* ***Informatikpark*** *vun der Gemeng deen um neiste Stand ass;*
- *ëffentlech Gebaier technesch gutt equipéieren;*
- ***Digicash / Payconiq*** *aféiere fir d'Gemengenrechnungen ze bezuelen;*
- *eng* ***biergerfrëndlech App*** *vun eiser Gemeng;*
- *eng* ***Online Newsletter*** *vun der Gemeng;*
- *Informatiounen a Formatiounen iwwert* ***d'Notzen an d'Gefore vum Internet****;*
- *erweidert ëffentlech* ***Wifi Zonen****;*
- *d'Schafe vum Poste vum «* ***Coordinateur sportif*** *» (mat substanzieller Ënnerstëtzung vum Sportsministère).*

FIR D'GEMENG MONNERECH
DEN 11. JUNI 2023

ALL 13 STËMMEN FIR D'LSAP

LSAP

BASTIAN ép. JUCHEM Danielle - Monnerech		
BECKER Anne - Monnerech		
BOHLER Olivier - Féiz		
BRESCIA ép. PICARIELLO Silvia - Monnerech		
GAGGIOLI Carlo - Steebrécken		
HARDT ép. KERSCH Dany - Biergem		
MARX ép. THEIS Chéryl - Steebrécken		
MATHEKOWITSCH Anne - Monnerech		
MERTENS Anne - Steebrécken		
PIZZAFERRI René - Monnerech		
SCHWARZ Maurice - Biergem		
SCHWEICH ép. DAVID Christine - Biergem		
VAN RIJSWIJCK John - Monnerech		

https://lsap.lu/sektioun/gemeng-monnerech

LSAP



ET ASS ZÄIT FIR ENG STAARK EKIPP!

https://lsap.lu/sektioun/gemeng-monnerech

LSAP

Liebe Mitbürgerinnen, liebe Mitbürger,

Wir sind erfreut, Ihnen mitzuteilen, dass das vorliegende, von der LSAP-Monnerich aufgestellte Wahlprogramm für die Gemeindewahlen vom 11. Juni 2023, ausführlich in deutscher Sprache auf unserem Internetportal veröffentlicht ist.
Vorab die wichtigsten Themenbereiche, die unser besonderes Augenmerk haben:

- Verkehr und Mobilität;
- Kinder und Jugend;
- Umweltfragen (Wasser, Energie, Abfall, Lärm, Klimaschutz, ...);
- Entwicklung der lokalen Oekonomie und der Finanzen;
- Kultur, Sport, Musik und Freizeit;
- Schaffung von Wohnraum, urbanistische Entwicklung der Gemeinde;
- Soziale Angelegenheiten, Integration, Gesundheit;
- Digitalisierung und Gemeindedienste.

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Nous sommes heureux de vous anoncer que le présent programme électoral, élaboré par le LSAP section de Mondercange pour les élections communales du 11 juin 2023 est publié intégralement en langue française sur le site internet.
A ce stade, nous tenons à citer les sujets les plus marquants sur lesquels se concentrera toute notre attention :

- circulation routière et mobilité ;
- enfants et jeunesse ;
- environnement (eau, énergie, déchets, protection du climat, ...) ;
- développement des activités économiques locales et des finances ;
- culture, sport, musique et loisirs ;
- création d'habitations et le développement urbanistique de la commune ;
- affaires sociales, intégration, santé ;
- digitalisation et services communaux.

11. JUNI LËSCHT 1

#ZESUMMEN mat Häerz an Engagement